N°2211
Entrée le 11.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.04.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 10. Abrëll 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden:

„Sou wéi vill Géigenden a Mëtteleuropa ass och eist Land vun enger staarker Dréchent betraff. Dee leschte grousse Reen ass effektiv am Februar erofgaang. Am Mäerz huet et kaum gereent. Kee Wonner, datt d'Biedem de Moment schnaufdréche sinn. Eng änlech Situatioun gouf et fir d'läscht am Abrëll 2007 an am Fréijoer 2017.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau folgend Froe stellen:

- Wéi schätzt d'Madamm Minister d'Lag hei zu Lëtzebuerg de Moment an? Wat fir eng Kulturen si besonnesch vun der Dréchent betraff? Trëfft dat a speziellem Mooss op de Spargel zou?
- Bei wat fir enge Kulture riskéiert déi aktuell Dréchent zu irreparabele Schied ze féieren?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten